



Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7871 vum 6. Abrëll 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel iwwer d'Kinesitherapie am Kader vun enger schwéierer Pathologie

- Kann d'Regierung confirméieren datt Diskussiounen lafen vir d'wéchentlech Kinéssätzungen vir Persounen déi un enger „pathologie lourde“ leiden ob maximal 3 Seancen ze begrenzen ?

- Wa jo, wat ass der Regierung hier Positioun dozou ?

Eng méiglech Upassung vun den Akten an der Kinesitherapie a vun der Prise en Charge gëtt aktuell analyséiert an tëschent der Gesondheetskeess mat de concernéiert Acteuren diskutéiert, esou och déi maximal Unzuel u Seancen pro Woch déi vun der Krankeversécherung en Charge geholl gi fir verschidde „schwéier Pathologien“.

Dëst geschitt am Kader vun enger genereller Analyse vun der Prise en Charge vun de Kinesiterapientraitementer an et geet dorëms eng méi cibléiert Prise en Charge ze assuréieren.

Well d'Gesondheetskeess an déi zoustänneg Prestatairen an hire Verhandlungen autonom sinn, kann sech de Ministère vun der sozialer Sécherheet net zu den Echangingen tëschent den Acteuren äusseren.

- Wëssend datt een hei vun schwéieren Erkrankungen schwätzt, an dës Persounen op dës Fleeg ugewise sinn, mengt den Här Minister net och, datt een dat misst evitéieren ?

De Remboursement vun de Kinesiterapientraitementer am Kader vun der Fleegeversécherung ënnerläit anere Konditiounen wéi deen an der Krankeversécherung. D'Beneficiairë vun der Fleegeversécherung hunn en Urecht op Seancen am Kontext vun der Fleeg.

- Kann d'Regierung confirméieren datt ëmmer méi Patienten an d'Kategorie „pathologies lourdes“ agestuift ginn ?

Den annexéierten Tableau retracéiert d'Evolutioun iwwer déi lescht 5 Joer vun den Traitementer an der Kinesitherapie déi vun der Krankeversécherung en Charge geholl goufen am Kader vun de „schwéiere Pathologien“.

- Kann een feststellen datt dat effektiv éischer finanziell Grënn huet wéi medezinesch ?

D'Lëscht vun de „schwéiere Pathologien“ sinn an der Annex G vun de Statute vun der Gesondheetskeess definéiert. Ewéi all Leeschtung vun der Krankeversécherung, spillt hei och de Prinzip deen am Artikel 23, Alinea 1, vum Code vun der sozialer Sécherheet definéiert ass.



- Wann dës Patienten net vun enger „pathologie lourde“ (sou wéi se an der annexe G vun den Statuten vun der CNS opgezielt ginn) betraff sinn, wéi kann et dann sinn dass dës awer trotzdem an déi Kategorie kennen gesat ginn ? Wéi gëtt dat kontrolléiert ?

D’Kinesiterapietraitementer bei schwéiere Pathologien, déi an der Annexe G vun de Statute vun der Gesondheetskeess virgesi sinn, gi vun der Krankeversécherung en Charge geholl op Basis vun enger medezinescher Ordonnance déi vun engem Dokter ausgestallt gëtt.

- Ass der Regierung bekannt datt et Kiné’en ginn déi Patienten méi oft bei sech ruffen wéi iwwerhaupt néideg ?

D’Gesondheetskeess kann net soen op Assurée méi oft wéi néideg bei d’Kinéë convoquéiert ginn. Et ass ze präziséieren dat just déi Seancen, déi verschriwwen goufen, vun der Krankeversécherung kënnen iwwerholl ginn.

- Wa jo, wéi kéint een dat besser kontrolléieren ?

Fir kënnen d’Prestatiounen vun der Krankeversécherung besser ze cibléieren, ass et néideg déi bestoend Donnéeën besser auszewäerten, beispillsweis déi ze ergänzen. Dëst ass am gaange gemaach ze gi fir dat d’Upassung vum de Leeschtungen nach méi cibléiert ass op de Besoine vun den Assuréeen an esou déi finanziell Ressourcë méi effizient agesat ginn.

- Deelt den Här Minister d’Opfaassung datt een d’Dokteren misst iwwert d’Frequenz vun de Seancen entscheede loossen ?

Allgemeng sollen d’Leeschtungen méi cibléiert ginn a Funktioun vun de Besoine vun den Assuréeen, dëst am Kader vun de finanzielle Méiglechkeete vun enger Krankeversécherung.

Aktuell lafen d’Aarbechten, dofir ass et nach net méiglech méi ausféierlech ze sinn.

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen

Annexe: Evolutioun iwwert déi lescht 5 Joer vun den Traitementen an der Kinesithérapie



Pathologie 1 CD	Pathologie 1 Lib	2018	2019	2020	2021	2022	2018	2019	2020	2021	2022
L01	Scoliose évolutive à partir de 20° (angle de Cobb)	911	1.110	1.223	1.428	1.524	31.585	40.532	42.485	57.825	58.583
L02	Malformation squelettique congénitale grave et invalidante	407	443	484	496	494	17.780	18.927	19.600	23.187	24.451
L03	Arthrogrypose	123	172	179	235	286	4.381	6.262	5.500	8.003	10.031
L04	Polyarthrite chronique inflammatoire	990	1.277	1.564	1.980	2.137	41.784	56.332	63.986	93.752	100.499
L05	Spondylarthrite ankylosante	434	551	594	761	824	15.782	21.360	22.571	32.445	34.837
L06	Myopathie	954	1.137	1.327	1.727	2.191	52.236	61.098	64.078	91.984	109.319
L07	Affection broncho-pulmonaire chronique irréversible obstructive et/ou restrictive	629	789	802	1.044	1.121	29.478	38.357	36.743	51.645	54.163
L08	Paralyse	1.549	1.925	2.146	2.434	2.674	65.088	83.165	84.340	110.099	116.952
L09	Paraplégie	368	406	420	432	436	22.687	25.335	22.874	26.632	26.002
L10	Tétraplégie	256	249	230	227	213	20.886	20.757	14.924	15.941	15.742
L11	Hémiplégie	1.538	1.530	1.524	1.524	1.482	111.699	114.069	97.658	111.412	101.740
L12	Sclérose en plaques	622	705	695	727	737	42.512	46.579	40.502	48.301	45.966
L13	Sclérose latérale amyotrophique	55	60	52	51	60	3.513	3.874	2.770	3.994	3.675
L14	Infirmité motrice cérébrale	946	973	942	954	938	58.646	63.806	50.429	58.084	53.507
L15	Maladie de Parkinson	1.405	1.511	1.523	1.525	1.542	92.485	103.287	90.354	103.236	94.795
L16	Maladie d'Alzheimer	1.774	1.899	2.093	2.274	2.247	108.352	125.582	118.784	154.126	145.532
L17	Lymphoedème après chirurgie carcinologique	1.717	1.876	1.991	2.117	2.202	83.305	95.649	93.828	115.097	111.816
Grand Total		13.734	15.566	16.744	18.666	19.786	801.524	924.252	870.601	1.104.727	1.106.091



Pathologie		Nombre Patients						Nombre séances					
		2018	2019	2020	2021	2022	variation 2022/2019	2018	2019	2020	2021	2022	variation 2022/2019
L01	Scoliose évolutive à partir de 20° (angle de Cobb)	911	1.110	1.223	1.428	1.524	+37,3%	31.585	40.532	42.485	57.825	58.583	+44,5%
L02	Malformation squelettique congénitale grave et invalidante	407	443	484	496	494	+11,5%	17.780	18.927	19.600	23.187	24.451	+29,2%
L03	Arthrogrypose	123	172	179	235	286	+66,3%	4.381	6.262	5.500	8.003	10.031	+60,2%
L04	Polyarthrite chronique inflammatoire	990	1.277	1.564	1.980	2.137	+67,3%	41.784	56.332	63.986	93.752	100.499	+78,4%
L05	Spondylarthrite ankylosante	434	551	594	761	824	+49,5%	15.782	21.360	22.571	32.445	34.837	+63,1%
L06	Myopathie	954	1.137	1.327	1.727	2.191	+92,7%	52.236	61.098	64.078	91.984	109.319	+78,9%
L07	Affection broncho-pulmonaire chronique irréversible obstructive	629	789	802	1.044	1.121	+42,1%	29.478	38.357	36.743	51.645	54.163	+41,2%
L08	Paralysie	1.549	1.925	2.146	2.434	2.674	+38,9%	65.088	83.165	84.340	110.099	116.952	+40,6%
L09	Paraplégie	368	406	420	432	436	+7,4%	22.687	25.335	22.874	26.632	26.002	+2,6%
L10	Tétraplégie	256	249	230	227	213	-14,5%	20.886	20.757	14.924	15.941	15.742	-24,2%
L11	Hémiplégie	1.538	1.530	1.524	1.524	1.482	-3,1%	111.699	114.069	97.658	111.412	101.740	-10,8%
L12	Sclérose en plaques	622	705	695	727	737	+4,5%	42.512	46.579	40.502	48.301	45.966	-1,3%
L13	Sclérose latérale amyotrophique	55	60	52	51	60	+0,0%	3.513	3.874	2.770	3.994	3.675	-5,1%
L14	Infirmité motrice cérébrale	946	973	942	954	938	-3,6%	58.646	63.806	50.429	58.084	53.507	-16,1%
L15	Maladie de Parkinson	1.405	1.511	1.523	1.525	1.542	+2,1%	92.485	103.287	90.354	103.236	94.795	-8,2%
L16	Maladie d'Alzheimer	1.774	1.899	2.093	2.274	2.247	+18,3%	108.352	125.582	118.784	154.126	145.532	+15,9%
L17	Lymphoedème après chirurgie carcinologique	1.717	1.876	1.991	2.117	2.202	+17,4%	83.305	95.649	93.828	115.097	111.816	+16,9%
Grand Total		13.734	15.566	16.744	18.666	19.786	+27,1%	801.524	924.252	870.601	1.104.727	1.106.091	+19,7%



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale